

200 mol Klack

Mir hunn äis **virun 21 Joer, also 1993**, laang a breet, ower guer net ëmmer lues a roueg, am Comité vun der Actioun-Lëtzebuergesch iwver de Sënn vun eiser deemoleger Zäitschrëft 'Eis Sprooch' ënnerhal; net ze vergiessen: eng **Veräinspublikatioun**, also leider nëmme op eis Membre begrenzt! Eis Sprooch selwer ass dat ower beileiwen net! No enger Rëtsch Nummere sinn eisem fläissege Redakter Henri Rinnen d'Auteurs souwisou zesoen ausgaang; hien huet bei Jänni a Männi gebiedelt a gegëmmert fir 'eppes ze kréien'; d'Saach huet 'gepauert'; si ass entschlof.

Dat bekannt 'Stréifeier' vu villen Ufäng war dunn och hei emol keng Glous méi; déi meescht vun deene 'Gudde'ware midd ginn; anerer hu Saache geschéckt, déi beim beschte Wëll net era gepasst a kee Mënsch inresséiert hunn. Si haten **näischt mam 'Versuerger', verstännegem Ausbreeden oder Weiderkomme vun eiser Sprooch ze dinn**, dem Fong vun eise Statuten! Anerer hu gemengt, si missten elo 'dichten', mir giffe jo all krommenolegt 'Gekëmm's' bëllege publizéieren, deer Saachen op d'Manier wéi de Pol Pütz et genannt huet: Du reims... a wann s de frecks!... de Rinnens Heng hat ganz einfach d'Flemm, deenen engen nozelafen an aneren ëmmer erëm genëschelt ze verstoen ze ginn, datt hir 'Saachen' am beschten am Papeierkuerf publizéiert wieren.

Mir sinn äis driwwer eens ginn, datt eis 'ACTIOUN' fir d'Lëtzebuergesch méi misst eraus 'an d'Loft goen', also wäit iwver en normale Veräinszweck eraus; **datt eis Sprooch eng Publizitéit misst kréien, déi iwver d'ganz Land kënn 'gräifen'**, souzesoen un der Dier giff 'rosen', fir eragelooss ze ginn. Do guff et ower nëmme eng Méiglecheet: Eis geschriwwen Press! Mä dat ass méi séier gesot wéi gemaach. Äre Schreiwier ass da bei d'Kapphäre vun eisen 'normalen' Dageszeitunge gepilgert: den Abbé André Heiderscheid, den Alvin Sold an de Rob Roemen... a ganz positiv, esouguer sympathesch fir d'Sprooch 'ukomm'!

Well eis Zeitungen nun emol 'commercial' Entreprise sinn, war et normal, datt si sech/mech gefrot hunn, wéi et da mam Bezeue wier. **Mir guffen äis op e 'gudde' Präiss eens, mä ouni d'Stäip vum Kulturministère an dem Guy Dockendorff wier et net gang...** souwisou haten der deemools vill gemengt, déi nei KLACK giff net eescht-lech laang lauden... do haten sech der e sëlliche 'gestouss': si ass haut, no ronn 21 Joer a mat dëser Nummer bei der 200. Editioun! **Et huet ewell méi ewéi ee gefrot, firwat dës Publikatioun net als Buch geng erauskommen**; wann een de Quantum vun Artikelen a méi klunge Schreiwereien oprecht, da bräicht een dofir ower op d'mannst 4 Bicher; vun der Aarbecht net ze schwätzen a vum Käschtepunkt scho guer net.

Eis KLACK huet sech esou populär 'opgedinn', datt si bal net méi aus eiser nationaler Zeitungslandschaft erauszedenken ass; dat hu mir gudde Leit vum WORT, dem TAGEBLATT an dem JOURNAL ze verdanken, déi äis haut dee beschte Präiss maachen, deen et gëtt. **D'KLACK guff eng Zort Institutioun, si ass lieweg, am Gespréich...** domat och eis Sprooch a villes rondrem. Natierlech gëtt si och alt kritizéiert... ower och gelueft! Wéi soen d'Leit: Wann net vun eppes geschwat gëtt, dann ass et vergiess. Mir schreiwen a schwätze weider iwver a rondrem eis Sprooch... **fir datt si kengem – fir dee schéinen Ausdrock vum Rinnens Heng ze gebrauchen – 'ausdenkeg' gëtt!**

Bäissen...

Natierlech versteet en Däitschen direkt, wann dir sot, dir gengt 'an en Apel bäissen'. Erzielt dir him ower, dir hätt an eppes 'gebass', dann ass et mam Versteesdemes vun der Bedeutung schonn eriwver. 'Bësseg' ass do iwver en Hond oder vläicht d'Keelt; mä datt dir vun engem 'bësseg geäntwert' krut, gëtt ewell méi problematesch. Hei hu mir et **mat deenen typesche 'semanteschen' Differenzen** ze dinn, de Bedeutungswerter, iwver déi d'Lëtzebuergesch sech vum Houdäitschen ënnerscheet...deer gëtt et kuerbelweis!

Wann dir verzielt, dir wiert esou 'rose' gewiescht, datt dir iech net méi 'erbass' krut an dunn engem 'zerguttst watgliff gesot', 'de Wouer geblosen' oder 'fatzeg Bescheet' gesot hätt...da gëtt et zu Leipzig Problemer. Et brauch een also dacks nëmme ze probéieren, fir dat op Däitsch/Franséisch ze iwwersetzen...da mierkt een 'den Ënnerscheid vun der Differenz'.

Stichtert...

...ass e Begrëff, deen d'Beamten an d'Maitren aus der Juristerei dacks fir déi **gebrauchen, déi 'sech net geschéckt'** hunn an erwëscht gi sinn. Op zollit Lëtzebuergesch heescht et dann, si hätten eppes/eng 'gesticht', vläicht och 'eng komme gelooss' ... zu Tréier sticht keen eng, well et deen Ausdrock einfach net gëtt...iwregens kennt och do knapps een an de 'Klammes', de 'Kitchen', de Back...a bei der Arméi hate mir esouguer de 'Bing'. Da sot emol, eis Sprooch hätt keng eege Wieder gemaach...an der Arméi 'deemools' an haut kéipweis!

Natierlech huet dat 'Stichten' net ëmmer mat Verbriechen ze dinn; et gëllt och am Sënn vun 'sech eng leeschten', eppes falsch, dolaanscht oder 'zum Onwee' maachen, wat jidderengem passéiere kann...an dann ass ee frou gewiescht, wann een net 'ugeklaapt' guff. Jojo, dat kleespart Lëtzebuergesch, gell dir.

vum Lex Roth



André Faber

eis Solper

E säftegt Stéck Gesolpertes ass nach ëmmer e Genoss op engem Plättel mat Sauermous. Ower d'Solper, an deer dat giedlegt Stéck vum Giss fir eng Zäitche mauteschen an all Dag gedréint muss ginn, dat ass eng Konscht. **De 'Monni beim Haus', deen d'Hame 'gemaach' – an net getëltert huet** – hat dann och nach esou seng kleng Tricken; hie war apaart houfreg op seng Kennschaft.

Ouni hir Zäitche am 'Monn' senger hausmaacher Solper, no deer se **gedréchent an duerno an de Reez** komm ass (wat soll dat 'Geräichers'?), war och net un eng gelleg Éisleker Ham ze denken... iwregens ass **nach laang net jidfer 'Ardenner-Ham' eng 'Éisleker'!** Déi 'richteg' brauch sech nach haut net vrun deer beschter spuenescher oder italiénescher ze verkrauchen...t freet sech just nëmme, wou een nach eng wierklech 'stackéisleker' erwëscht, déi sech net zevill 'getommelt' huet; si ass rar wéi déi wäiss Mais. Direkt aus der Solper 'gekacht' ass et eng Schlabäizi, fir déi munchereen en 'Homard' geng stoe loosse... si däerf ower net 'gekacht' mä muss ëm déi 70° stonnelaang 'goe gelooss' ginn; fir réi Ham kënn d'éischt de Reez an da laang d'Loft. Mmm! Dann nach eppes: Waart dir nach ni selwer 'am Solper'?...an: Fällt iech op den éischte Siess den däitschen a franséischen Ausdrock fir dat preparéiert Saft an! 'Lake' a 'saumure' ass himmelwäit vun eiser Solper ewech... **a wéi gengt dir iwwersetzen, et wier ee 'fatzeg am Solper' gewiescht?** Arem Sproochen...

Kul?

Wa mir e Wuert aus enger anerer Sprooch gebrauchen, esou ausschwätzen a betounen oder 'zerknätschen', datt een et nach knapps erëmkennt, dann ass et normal, datt mir deem Ausdrock och eng Schreifweis ginn, déi op eis Sprooch passt. Dat gëtt et iwregens a jidfer Sprooch... **e 'Stong' ass nun emol kee 'jeton' méi an eng 'Speionett(?)'** och keng 'espagnolette'... war net och aus dem spuenesche Rodriguez esouguer eng 'rout Geess' ginn!

E Cadeau (Kado?), e Boulevard (Bullwar?), e Pneu (Pnö?), e Computer (Kompiuter?), e Gout (Gu?), eng Baguette (Bagett?), Spaghetti (Schbagetti?), **cool an nach kéipweis geléinte Wieder bleiwe kloer an der Original-Sprooch ze erkennen...** da sollen se och schrëftlech esou gebraucht ginn, wéi mir se an deer Sprooch geléiert hunn, ob dat am Franséischen, am Däitschen, Engleschen oder Italiéneschen ass...soss maache mir z.B. eis Kanner, Schüler a Stodenten dronkeg. Dat ass eng einfach Fro vu Verstännegeet, esouguer vu Pädagogik. De grouse Brecht ass sech net ze schued gewiescht, fir aus senger 'Mutter Courage' KENG 'Mutter Kuraje' ze maachen... firwat soll et da bei äis 'Kuraasch' sinn? Eefällegkeet.

déi léif Poschen

Bei enger Schwadrull vu Lëtzebuerg Ausdréck a ganze Sazdeeler si mir äis am Fong net bewosst, wéi typesch se sinn. **Zënter Joere gëtt hei an eiser KLACK mat kéipweis Beispiller dorop gewisen...** déi keen op Houdätsch matkritt. Datt d'Madame Dr. Kleine-Engel vun der UniLu sech deer Saach (endlech!) wëssenschaftlech ugehol huet, ass immens sympathesch, a mir wënschen dem Robert Clees fir seng Dokteearbecht an deem Sënn dat Allerbescht (cf. infolux.uni.lu + LW/17.09.13).

Beispill: d'Posch. Deen Ausdrock huet am Franséischen (wou mir et 'geklaut' hunn) allméiglech Bedeitungen, ower bei 'Vuitton' frot dir émsoss eng poche/Posch; am Däitsche gitt dir mat *Posch, sac à main* oder *handbag ouni Handtasche* aus dem Buttek. Scho beduecht? Fir ze schmunzen, dann hei **d'Gedichtchen (aus dem Buch 'Milly-Maus')** iwver den Dammen hir 'marotte':

**Déi Dammen an d'Poschen,
dat ass eng ganz Welt;
't ass knapps eng ze halen,
wann eng hir gefällt.**

**De Gout fir déi Täschen,
dee kritt keen eraus,
well vill hunn der sécher
eng zwanzeg am Haus.**

**Ass dobäi eng 'Vuitongs',
déi kënn méi dacks drun;
do ginn der vill gaschteg,
well si nach keng hunn!**

**Och wann dat Stéck Bretzecht
bei glat näischt soss geet:
D'Haaptsaach ass, 't gesäit ee
wéi d'Dämmchen sech steet!**

**Ob grousser, ob klenger
dat ass d'meescht egal:**

**Wann s'eppes dra sichen,
entwutzt ee sech bal.**

**Si féngren, si knéchlen
a koschtren sech midd;
mä wat si méi moschtren,
wat d'Saach manner zitt.**

**'t stécht alles do dran
– dat Gewulls huet keen Numm –
just wat si net fannen,
dat mussen si hunn.**

**Ass endlech beim Tässlen
dat Richteg erwëscht,
gëtt alt nees gesot,
't giff geraumt... grad wéi gësch.**

**Fir mar gëtt da léiwer
eng aner geholl;
D'Madame ass déiselwecht...
mä d'Posch grad sou voll.**